n° 2398

Un den Här Chamberspresident
Fernand Etgen

Lëtzebuerg, de 15. Juin 2020

Här Prësident,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Ufro un den Här Erzéiungsminister weiderzeleeden.

Eisen Informatioune no sinn net alleguer d' Elteren iwwer d' Méiglechkeet vun engem Accueil vu mueres 7:00 Auer bis 8:00 Auer informéiert ginn.

An dësem Kontext wëlle mir folgend Froen un den Här Minister stellen:

- Kann de Minister dat bestätegen?
- Am Fall wou dëst zoutrefft, firwat kruten net alleguer d' Elteren dës Méiglechkeet am Sënn vu Gläichbehandlung?
- No wéi enge Critèrë sinn d' Elteren erausgesicht ginn, déi dës Informatioune kritt hunn?

Mat déiwem Respekt,

Martine HANSEN | Francoise HETTO

Deputéierten

**Äntwert vum Educatiounsminister Claude Meisch op d'parlamentaresch Fro Nr. 2398 vun der honorabeler Deputéierte Martine HANSEN an vun der honorabeler Deputéierte Françoise HETTO**

D'Enquête, déi am Kader vun der Organisatioun vum Enseignement en alterance mat Hëllef vun den Titulairë bei den Elteren duerchgefouert gouf, huet erginn, dass ee groussen Deel vun den Elteren ausschliisslech op déi obligatoresch Offer an der Léierwoch wéilt zeréckgräifen. A ville Fäll gouf weeder fir d'Übungswoch, nach fir den Accueil mëttes optéiert. Deemno war dovunner auszegoen, dass vill Elteren och keen Intérêt drun hätten, fir hir Kanner moies an eng Surveillance anzeschreiwen. Aus deem Grond ass dës Offer spezifesch fir déi Eltere reservéiert ginn, déi virun oder ëm 8 Auer moies mussen op der Schaff sinn an net kënnen op een Horaire mobile zeréckgräifen.

Vu de reegelméissege Kontakt zwëschen den Elteren an dem Léierpersonal wärend dem Enseignement à distance an déi gutt Zesummenaarbecht vu sämtleche Membere vun der Schoulcommunautéit wärend der Organisatioun an der Ëmsetzung vum Enseignement en alternance, hu meng Servicer sech am Kader vun der Organisatioun vun der Surveillance op déi lokal Partner, notamment d'Schoulpresidenten an d'Titulaires de classe, verlooss, fir d'Elteren iwwert d'Surveillance ze informéieren. Dobäi war deen eenzege Critère fir d'Aschreiwe vun de Schüler, dass d'Surveillance spezifesch fir déi Eltere reservéiert ass, déi virun oder ëm 8 Auer moies mussen op der Schaff sinn a net kënnen op een Horaire mobile zeréckgräifen. Aus deem Grond hunn d'Elteren, déi un der Surveillance vu 7 bis 8 Auer interesséiert waren, missen ee Formulaire ausfëllen, deen hinne vum Titulaire de classe sur demande ausgehändegt gouf. Am Kader vun dësem Formulaire huet den Employeur certifiéiert, dass d'Elteren dru gebonne sinn, virun oder ëm 8 Auer op hirer Aarbechtsplaz ze sinn.

D'Schoulpresidente kruten iwwert d'Direktiounen den Optrag, datt si d'Titulairen, déi bedéngt duerch den enke Kontakt mat den Elteren an hire Kenntnisser vun dësen hiren Gewunnechten an Obligatiounen, solle bieden, eenzel Eltere méi cibléiert unzeschwätzen an op d'Offer opmierksam ze maachen. Nieft de Renseignementer duerch déi lokal Partner ass d'Informatioun iwwert d'Organisatioun vun enger Surveillance an de lëtzebuergesche Grondschoule vum 8. Juni 2020 bis den 15. Juli 2020 groussflächeg iwwert verschidde Kanäl, dorënner Informatiounen um Internetsite www.men.lu esou wéi Kommunikatiounen iwwert d'Press, propagéiert ginn.